PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 19/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Ëffentlech Aarbechten & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

De Ministère fir ëffentlech Aarbechten huet géigeniwwer dem Wort confirméiert, dass d'Aarbechten un engem Héichwaasserschutz System zu Réimesch am September 2021 sollen ufänken. Réimesch ass awer net déi eenzeg Stad déi ëmmer erëm mat Héichwaasser ze kämpfen huet. Zu Stadbriedemes stoung de Waasserpeegel am Februar op iwwert 6 Meter.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Beim Projet Réimech soll mat der Esplanade op der Héischt vum Wueswee ugefaange ginn.
   Firwat ass entscheet ginn do unzefänken?

2. Ass d'Ausschaffe vum Plang fir de Projet Héichwaasserschutz/Esplanade/Route du Vin zu Réimech ausgeschriwwe ginn?
   Falls jo, wéi vill Intresséierter hunn sech op d'Ausschreiwung gemellt?

3. An Rapport vun 2015 iwwert den "Hochwasserrisikomanagment für Luxemburg" ginn 13 Musel Gemengen/Dierfer opgezielt déi vun engem Héichwaasserrisiko betraff sinn, drënner Gemengen ewéi Gréiwemaacher, Stadbriedemes a Mäertert. De Besoin fir Moossnamen ass do:

   > *Im Dialog mit den Gemeinden und Städten wurde jedoch an vielen Stellen noch Bedarf an lokalen neuen Rückhalteeinrichtungen, auch für Starkregenereignisse ermittelt.*

   Sinn nach aner Héichwaasserschutz Systemer ewéi deen zu Réimesch bei der Musel geplangt?
   Wan jo, wéi eng Gemenge si vun esou Projete betraff a wéini sollen dës Projeten an Ugréff geholl ginn?

4. An dem Rapport liest een och, dass

> *Defizite bestehen insbesondere in alten und lange bestehenden Kerngebieten, in denen Hochwasser nur selten auftritt. Überall dort wo häufiger Hochwasser auftreten, kennen die Menschen das Risiko und haben gelernt sich und ihr Eigentum zu schützen. Gleiches gilt auf kommunaler Ebene für öffentliche Einrichtungen. In Gebieten, in denen Hochwasser seltener auftreten geht nach einigen Jahren das Bewusstsein für die Hochwassergefahr verloren. Deshalb muss mit großem Aufwand das Risikobewusstsein in der hochwasserfreien Zeit und das Wissen um die Notwendigkeit des Objektschutzes aufrechterhalten werden.*
> *[...]*
> *Kommt dann ein Hochwasser, werden die Betroffenen überrascht und es kommt zu hohen Schäden. Insbesondere in Risikogebieten, die nur selten von Hochwasser betroffen sind, muss deshalb mit großem Aufwand das Risikobewusstsein in der hochwasserfreien Zeit und das Wissen um die Bauvorsorge aufrecht- erhalten werden.*

Wat fir Moossnamen sinn a Plaz gesat, fir ze verhënneren, dass a Risikogebidder déi seele vun Héichwaasser betraff sinn, et zu all Moment zu héije Waasserschied ka kommen?

Ginn d'Mënschen déi an dëse Risiko Gebidder wunnen, duerch gezielt Mesuren un d'Gefore vum Héichwaasser erënnert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député